ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 4997
Reçue le 21.09.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.09.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. September 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

«Youth For Climate Luxembourg» huet fir de Freideg, 24. September 2021, zu enger Groussdemonstratioun géint de Klimawandel opgeruff. Obschonns keen demokratesche Mënsch d'Demonstratiounsrecht a Fro stellt, ass et dach awer erstaunlech, datt dës Manifestatioun eng Woch no der Rentrée stattfënnt. Et wier och ze iwwerleeën, ob an dësem spezielle Fall d'Demonstratiounsrecht net a Konflikt geréit mat der Schoulflicht. Meng parlamentaresch Fro vum 7. Juni 2021, ob et net besser wier, d'Schüler géifen op hirem schoulfräie Samschdeg op d'Stroosse goen, huet den Här Minister folgendermoosse beäntwert: „Ofschléissend wëll ech festhalen, dass d'Obligatioun fir an d'Schoul ze goen an d'Ausübe vu gesellschaftleche Rechter, wéi d'Demonstratiounsrecht, net per se inkompatibel sinn. An engems ass et awer och esou, datt d'Demonstratiounsrecht d'Schoulflicht net automatesch dierf a kann aushielegen."

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister :

1) Wéi oft misst wärend dem lafende Schouljoer, an dat zu Stonnen, wou normalwerweis Unterrecht ass, demonstréiert ginn, fir datt de Minister ëffentlech fir de Respekt vun der Schoulflicht antrëtt?
2) Leien dem Här Minister vu Säite vun de Schouldirekteren a vum Léierpersonal Reaktiounen op dës ugekënnegt Groussmanifestatioun vir?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4997 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

Ech hunn d'Schouldirektiounen iwwer follgend Modalitéiten informéiert: Am Respekt vum Artikel 13 vum groussherzogleche Reglement vum 23. Dezember 2004 iwwert d'Règles de conduite an de Lycéeën hu mannerjäreg Schüler un der Manifestatioun vum 24. September dierfen deelhuelen, wann dëst vun hiren Elteren autoriséiert gouf; groussjäreg Schüler hunn dës Decisioun selwer geholl.

Vu Säite vun de Schouldirektiounen a vum Léierpersonal leie keng Reaktiounen op déi Manifestatioun vir.